

Satisfyer

Gebrauchsuweisung Satisfyer – Gentle Classic Gleitmittel

D'Gleitmittel vu Satisfyer

D'Satisfyer Gleitmittel si Produité fir d'Uwennung op der Haut. Si hunn eng ueleg- a fettfräi Rezeptur an iwverzeege mat beschte Gleiteegeschafte mat Laangzäitwirkung.

D'Gleitmittel vu Satisfyer Men sinn op Waasserbasis. Dat bedeit, dass se einfach an ouni Réckstänn mat Waasser ofzewäsche sinn an et huet een och kee peschecht Gefill op der Haut. Si sinn ideal ofgestëmmt fir d'Benotze mat alle Satisfyer Produiten, kënnen awer och mat allen aneren Toyen oder beim Geschlechtsverkéier benotzt ginn.

Sou wierken d'Gleitmittel

D'Gleitmittel maachen d'Uwennung mat dengem Satisfyer einfach a ouni Reiwung. De Silikonsopsaz gleit duuss iwwert deng intimst Plazen an erméiglecht sou eng ideal Positionéierung fir de maximale Genoss. Wéinst der Rezeptur ouni Faarf, Gout a Geruch gëss de net vun der Haaptsaach ofgelenkt a kanns dech voll a ganz op deng Befriddegung konzentréieren.



Uwennung vu Satisfyer Gleitmittel

Déi praktesch Fläschchen mécht eng einfach Doséierung méiglech. Dréps e bësse Gleitmittel op deng Klitoris an och e bëssen op de Satisfyeropsaz. Verdeel d'Gleitmittel op de gewünschte Kierperplazen.

Beim Geschlechtsverkéier soll een och genuch Gleitmittel op de Kierperdeel oder op de Kondom, deen iwwert den erigéierte Penis gezu ginn ass opdroen, a mat de Fangere verdeelen. Et gëtt recommandéiert, dass ee sech virum Benotzen anstänneg d'Hänn wäscht.

Bei der Uwennung mat engem Kondom onbedéngt d'Hiweiser an der Gebrauchsuweisung vum Kondom kucken.



Propper maache vum Satisfyer Gleitmittel

D'Gleitmittel vun der Satisfyer Gamme kënnen ganz ouni Réckstänn mat Waasser ofgewäsch ginn, ganz egal ob vun der Haut, de Schläimhaut oder vun dengem Toy. Aus hygenesche Grënn solls du däin Toy virum an nom Gebrauch propper maachen. Dowéinst ass de Satisfyer Desinfectant Spray perfekt.

Aner Hiweiser iwver d'Benotze beim Geschlechtsverkéier

Schwangerschaftsverhütung a Schutz virun Infektiounen

D'Satisfyer Gleitmittel schützen net virun enger Schwangerschaft, si enthalen keng spermizid Wierkstoffe a bidden och kee Schutz virun Infektiounen.

Beim Kannerwonsch

Gynekologe recommandéieren kee Gleitmittel ze benotzen oder just e bëssen ze huelen, wann ee gäre Kanner hätt, well et méi schwéier gëtt, schwanger ze ginn.

Aner Hiweiser bei Onverträglechkeeten

Bei der Sich no Onverträglechkeeten, z.B. allergieausléiend Ingredienzen, soll ee virum Benotzen d'Kennzeechnung vum Produit ënner „Ingredients (INCI):“ kucken. Am Fall vun Hautirritatiounen, maach weg de Produit wéi beschriwwen of a kontaktéieren eventuell en Dokter.



Ingredienzen

Waasser, Glycerin, Hydroxyethylcellulose, Kaliumsorbat, Natriumbenzoat, Zitrounesaier



EXCLUSIVE DISTRIBUTION BY:

Internetmarketing Bielefeld GmbH,
Am Lenkwerk 3, 33609 Bielefeld, Germany

